




Enn Mee ware mir eng zweete Kéier fir dëst Joer op Freux bei Libramont an d' Belsch gefuer fir mat der Méck ze fësch. Déi ganz Woch iwwer ware schonn héich summerlech Temperaturen a fir eis Sortie hatten se nawell fatzeg Donnerwiedere gemellt an ewéi ech ukomm sinn hat et och ganz duerno ausgesinn ewéi wa Sie recht behale géifen. Niewent mir war och eise President an déi zwee Jempen just ukomm a waren am gaangen auszepaken ewell mir jo wollten an der Mëttesstonn grillen. Mir hunn eis dunn och gefrot op mir et net besser hätten de Grill direkt an der Scheier opzeriichten do wou mir eis schonn d' lescht Joer mat eisem Grill verzunn hatten ewéi Donnerwieder iwwert eis era gebrach ass mee mir hu schlussendlech awer gehofft derlaanscht ze kommen an esou ass et och agetraff, zwar huet fir eng kuerz Zäit de Wand opgefrëscht an et ass däischer gi mee Donnerwieder ass awer laanscht eis gezunn a Mëttes war erëm dat schéinste Wieder. Eise Fëscher huet dat awer séier wéineg uitgemaach ewell Sie waren Alleguerte beschtens gelaunt zemools wou jo den Héichpunkt vum Dag während der Mëttesstonn sollt kommen an duerfir huele mir och mol a Kaf dass d' Fësch alt nees eng Kéier ganz zickeg waren. Ech hat mir soe gelooss dass Moies fréi, ech war natierlech do nach net um Rendez-vous, d' Fësch gutt a Form waren an eis Fëscher dunn och ganz gutt gefaangen hu mee ewéi ech ugefaangen hunn, et loung villäicht och u mir, huet Abee mol Keen méi eppes gefaangen, dat heescht bal Keen ewell ee puer Fësch si schonn nach gefaange ginn.





Och froen ech mech wat de Garde de Pêche domadder bezwecke wollt dass Hien ronderëm gaangen ass an d' Fësch gefiddert huet, wuel war et flott ze gesinn dass esou vill Fësch am Weier dra sinn, och war et bestëmmt keng schlecht Intentioun vun Him, mee ewéi d' Fësch d' Fudder bis eran haten hunn Des sech an d' Mëtt vum Weier zeréck gezunn a mir hunn Näischt méi gefaangen. Ewéi schéin ass et da wann engem dat déi gutt Laun net verdierwe kann ewell mir hate scho gesinn dass eise President sech op de Wee gemaach hat fir de Grill unzufänken an du ware fir eng gutt Zäit d' Fësch och net méi esou wichteg a mir hunn aner Prioritéite gesat. Eis zwee Grillmeeschter hunn eis jiddwerfalls no Stréch a Fuedem verwinnt an de Jemp huet dofir gesuert dass och Keen duuschtereg ginn ass. Schéin ze gesinn ass och, elo wou eis Membere schonn am Alter sinn, dass et an eisem Club och Plaz gëtt fir mat der Méck ze fësche wann een net méi esou gewieweg ënnerwee ass wat mech dach ëmmer erëm erfreet ewell een esou awer nach kann zesumme beim Waasser stoen a senger Passioun nokomme kann.





Dernieft hunn eis Fëscher schonn Alleguerten esou vill Stärstonnen beim fëschen erlieft dass et net méi drop ukënnt d'Erliednes vun der Unzuel vu gefaangene Fësch ofhängeg ze maache mee dass et villméi dorëms geet kennen zesummen ee flotten Dag ze verbréngen an eist Clublieden héich ze halen an der haiteger Zäit wou dach Alles méi onperséinlech gëtt an den Egoismus ëmmer méi iwwerhand hellt. Normalerweis sinn ech jo ëmmer dee wou direkt mam Fotoapparat do ass wann ech gesinn dass engem vun eise Fëscher ee klénge Messgeschéck geschitt ass, dat muss jo och onbedéngt festgehale ginn oder loosse mir éischter soen dokumentéiert gi mee eise President ass sech awer och net ze schued e mol Revanche ze huele wann d'Geleeënheet sech bitt.



Nodeems mir ausgiebig eist Grillen genoss hatten ass et du Mëttes méi roueg lass gaangen an no an no hunn sech eis Fëscher erëm beim Weier afonnt. Elo si mir schonn an der Hallschent vun eisem Parcours duerch d'Joer ukomm a kennen zeréck bléckend soen dass eis scho vill schéi Momenter bei eise Sortië vergonnt waren an eis gutt Fëscher, diere hu mir och an eisem Veräin, konnten och scho vill schéi Fësch dëst Joer fänke woubäi dach besonnesch eis Sortie op den Domäne de Coyolles ervir stécht wou mir dach mat Sécherheet déi meeschte Fësch fir dëst Joer fänke konnten, mee och all Aner Sortië bleiwen eis a beschter Erënnerung an esou kann a soll et och weidergoen.



